N°4172
Entrée le 02.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

An menger parlamentarescher Fro n°1016 vum 16. Juli 2024 hat ech Froen zur Roll vun der Firma VFS Global bei der Ausstellung vu Visae fir d'Lëtzebuerger Ambassade zu New Delhi gestallt. De Minister huet deemools preziséiert, datt de Kontrakt zënter dem 23. August 2013 besteet, datt dem Staat keng Käschten entstinn, well d'Servicekäschten op Basis vum Artikel 43 vum Visacode (Règlement (CE) n° 810/2009) direkt bei den Demandeure berechent ginn, an datt aus deem Grond keen Avis de marché lancéiert gouf.

Ech huelen zur Kenntnis, datt dem Staat tatsächlech keng direkt Käschten entstinn an datt d'Servicekäschten duerch den Artikel 17 vum Visacode plafonéiert sinn. Et ass och richteg, datt de rechtleche Kader, notamment d'Annexe X vum Visacode, virgesäit, datt den external service provider sech un Dateschutz-Verpflichtungen hält, datt fakultativ Servicer net opgedrängt däerfe ginn, an datt de Prestataire net mat kommerziellen Tëschestrukturen wéi Reesbüroe ko-lokaliséiert ass.

Rezent international Recherchen, ënner anerem den Artikel « How a company turned visas to Europe into big business » vum Medium POLITICO, werfen awer virun allem d'Fro op, wéi d'Anhale vun dëse Verpflichtungen an der Praxis effektiv kontrolléiert gëtt, a wéi am Fall vun engem Verstouss reagéiert gëtt. Den Artikel 43 (11) vum Visacode verlaangt nämlech vun de Konsulater, datt si d'Aktivitéit vum Prestataire iwwerwaachen, ënner anerem duerch onugekënnegt Kontrollen op der Plaz.

Doriwwer eraus dokumentéieren déi genannte Recherchen eng intransparent, internationaliséiert Konzernstruktur vun der VFS-Global-Grupp, mat Holding- a Filialstrukturen an ënnerschiddleche Juridictiounen, vun deenen e Puer als Steierparadäiser bekannt sinn. Dëst werft Froen op iwwer

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

d'Haftung, d'Duerchsetzbarkeet vun de Rechter vum Staat an d'Dateschutz-Verantwortung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op wéi enge Poste respektiv an a wéi ville Länner setzt Lëtzebuerg de Moment VFS Global oder en anere privaten external service provider fir d'Ausstelle vu Visaen an? Ech bieden de Minister, dës Lëscht komplett opzeléschten (zum Beispill New Delhi, Shanghai, Abu Dhabi), mat dem jeeweilegen Ufanksdatum vum Kontrakt.

2. Mat wéi enge juristesche Persoune (Filialen oder Duechtergesellschaften) vun der VFS-Global-Grupp huet Lëtzebuerg op dëse verschiddene Poste Kontrakter ofgeschloss, an a wéi enge Länner sinn dës juristesch Persoune jeeweils domiciliéiert? Aus wéi engem Grond ass d'Géigepartei net iwwerall déi selwecht Entitéit?

3. Wéi bewäert de Minister d'Duerchsetzbarkeet vun de vertraglechen a gesetzleche Rechter vum Lëtzebuerger Staat am Beräich Dateschutz géintiwwer Entitéiten, déi an Drëttlänner respektiv an niddreg besteierte Juridictioune domiciliéiert sinn? Goufen d'Haftungs- a Recoursméiglechkeeten am Fall vun engem Verstouss juristesch evaluéiert?

4. Den Artikel 43 (11) vum Visacode verlaangt onugekënnegt Kontrollen op der Plaz beim Prestataire. Wéi vill esou Kontrolle goufen zënter dem Ufank vun de jeeweilege Kontrakter op all Posten duerchgeféiert, zu wéi engen Datumen, a mat wéi enge Resultater?

5. Op wéi eng konkret Manéier iwwerpréift Lëtzebuerg, datt VFS Global de Plaffong vun de Servicekäschten (Artikel 17 Visacode) anhält an datt keen net-erlaabten Zousatzverkaf (« upselling ») stattfënnt, also datt déi ugebuede Servicer wéi d'Premium-Lounge, d'Form-Filling oder de Coursier-Service wierklech fakultativ bleiwen an net direkt oder indirekt op d'Demandeure gedréckt ginn?

6. Wéi gëtt d'Anhale vum Verbuet vun enger Ko-Lokalisatioun mat kommerziellen Tëschestrukturen wéi Reesbüroen effektiv a virun Uert kontrolléiert?

7. Gesinn d'Kontrakter konkret Sanktiounen oder Penalitéite fir de Fall vun engem Verstouss vir? Wa jo, sinn esou Sanktiounen zënter dem Ufank vun de Kontrakter jeemools applizéiert ginn? Wann net, op wat fir eng Manéier kann de Staat d'Anhale vun de Verpflichtungen duerchsetzen?

8. Wou ginn déi perséinlech a biometresch Donnéeë vun de Demandeuren, déi VFS Global am Numm vu Lëtzebuerg sammelt, gespäichert a veraarbecht (Länner a Serverstanduerter)? Gouf d'Nationale Kommissioun fir den Dateschutz (CNPD) an d'Bewäertung vun dëse Veraarbechtungen agebonnen?

9. Sinn dem Minister Dateschutzverletzungen oder aner Tëschefäll bei VFS Global bekannt, déi Lëtzebuerger Demandeure betreffen? Wa jo, wéi goufen dës geréiert a kommunizéiert?

10. Wéi eng konkret Problemer hat den Ombudsman a sengem Rapport vun 2022 a Bezuch op VFS Global festgestallt, a wéi eng Mesuren huet de Ministère doropshi geholl? Sinn dës Problemer zënterhier nees opgetrueden?

11. Wéi reagéiert de Minister op déi rezent international Recherchen, an huet d'Regierung d'Intentioun, hir Iwwerwaachung vun den external service providers an hir Ofhängegkeet vun engem eenzege quasi-monopolisteschen Acteur am Liicht vun dëse Befunder ze iwwerdenken?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten